

Lëtzebuerg, den 20. September 2018

Léif Membere vun der Féduse/Enseignement-CGFP,

de Comité hofft, dass Dir all eng schéin an erhuelsam Vakanz hat a voller neier Energie fir dat kommend Schouljoer sidd. Dëser Deeg fannt Dir an Ärer Konferenz **Kalennen** vun eis, déi Iech beim organisatoreschen Iwwerbléck ronderëm eise Beruff wärend dem ganze Schouljoer ënnerstëtze sollen.

Formation continue

A punkto Formation continue huet de Comité vun der Féduse/Enseignement-CGFP erreecht, dass d'Unzuel u FoCo-Stonnen, déi ee mat an déi nächst 3-Jores-Referenzperiod (15.09.2018 – 14.09.2021) däerf eriwuerhuelen, vu 4 op **16 Stonnen** erhéicht gouf. Den Transfert vun dëser Stonne passéiert automatesch - virausgesat, Är FoCo-Stonne goufen och tatsächlech alleguer vun Ärer Direktioun unerkannt - a sinn informatesch opgeléicht. Dëst kënnt Dir mat Hëllef vun der Applikatioun *eFormation*¹ iwwerpräiwen.

Zäitspuerkont (CET)

Kuerz virun der Summerpaus gouf dann och endlech de laang erwaarten Zäitspuerkont (CET) vun der Chamber eestëmmeg ugeholl a gëllt selbstverständlech och fir alleguer d'Enseignanten am Secondaire. D'Féduse/Enseignement-CGFP ass besonnesch houfreg op dës **revolutionär Errongenschaft**, woufir mir eis joerzengtelaang agesat an dobäi innerhalb vun der CGFP eng féierend Roll iwwerholl hunn.

Den Zäitspuerkont erlaabt Iech, Är geleeschten **Iwwerstonnen eent zu eent unzespueren** - bis zu maximal **engem** ganze Schouljoer - fir zu engem spéideren Zäitpunkt eng partiell Tâche oder esouguer eng « Année sabbatique » unzufroen, ouni wärend dëser Period mussen op Är voll Pai a Pensionsbäitrag ze verzichten.

¹ <https://portal.education.lu/Applications>

Fir den Enseignement wäert d'Gestioun vum CET informatiséiert ginn. Well deen noutwendegen Outil awer fir de Moment nach net fäerdeg programméiert ass, kënne während dem Schouljoer 2018/2019 leider nach keng Iwwerstonnen ugespuert ginn. Fir dëst Schouljoer wäerten also nach nom ale Prinzip Avancen op d'Iwwerstonnen ausbezuelte ginn. D'Unzuel un Iwwerstonnen, déi iwwert déi bezuelte Avancen eraus ginn, sollen allerdéngs no der Schlussofrechnung vun Ärer Tâche op den Zäitspuerkont kënnen abezuelte ginn.

Ab dem **Schouljoer 2019/2020** sollen dann awer och mir Enseignanten an de **volle Genoss vum CET** kommen. Et sief bemierkt, dass Dir awer och duerno nach weiderhin de **Choix** wäert hunn, ob a wéi vill vu Ären Iwwerstonnen Dir wëllt nom ale System ausbezuelte kréien a wéi vill Stonnen Dir op Ären Zäitspuerkont wëllt setzen.

Reform vum Cycle inférieur am ESG

Mat dëser Rentrée trëtt jo och d'Reform vum Cycle inférieur am ESG a Kraaft. Op 6^e ginn d'Fächer Mathematik, Däitsch a Franséisch ab elo op **zwee Niveauen** (*base an avancé*) enseignéiert, op 5^e kënn dann nach Englesch dobäi. Och am Cycle moyen vum Regime technique am ESG gëtt Franséisch respektiv Däitsch differenzéiert ënnerriicht. Dobäi ass et all Lycée selwer iwwerlooss, ob den differenzéierten Unterrecht an deene betraffene Fächer extern organiséiert gëtt, oder ob den Enseignant innerhalb vun enger Klass op zwee Niveauen ënnerriichten a bewäerte muss.

Well am Fall vun **externer Differenzéierung** d'Schüler no hirem Niveau a verschidden Auditoire regroupéiert ginn an dowéinst all d'Haaptfächer vun deene betraffene Klasse parallel lafe mussen, entstinn **grouss Contrainte** bei der Organisatioun vun de Stonneläng.

Eng **intern Differenzéierung** bedeit sengersäits e **grousse Méiopwand** fir dee betraffenen Enseignant. Fir dëser Zousazbelaaschtung usazweis Rechnung ze droen, huet de Comité vun der Féduse/Enseignement-CGFP a Verhandlung mat Verrieder vum Educatiounsminister erreicht, dass de **Koeffizient am Fall vun interner Differenzéierung ëm 0,15 pro Leçon majoréiert** gëtt, an zwar direkt ab dësem Schouljoer 2018/2019. Dëst bedeit ëmmerhin eng kleng Entschiedegung fir den zolitte Surplus un Aarbecht, deen eng intern Differenzéierung fir den Enseignant mat sech bréngt.

Och wann de Comité vun der Féduse/Enseignement-CGFP net prinzipiell géint dës Reform ass, sou kritiséiere mir virun allem, dass se iwwert de Knéi gebrach an d'Modalitéite vun hirer praktescher Ëmsetzung net kloer geregelt goufen. Déi Leit, déi elo dagdeeglech fir d'Ëmsetzung vun dëser Reform suerge mussen, also Dir, léif Kolleginnen a Kollegen, goufen **weder an de Reformprozess agebannen, nach duerch entspriechend Formatiounen op dës nei Erausforderung virbereet**.

Ausserdem wär et eiser Meenung no méi sënnvoll gewiescht, dës déifgräifend Reform vum Cycle inférieur am ESG **schrëttweis** ulafen ze loossen, an zwar an enger éischer Phase nëmme vu 7^e op 6^e an eréischt fir déi kommend Rentrée och vu 6^e op 5^e. Dësen **iwwerdriwwene**

Reformäifer veronséichert nieft den Enseignanten net zulescht och déi, déi eigentlech vun dëser Reform profitéiere sollten, nämlech eis Schüler.

Dofir fuerdert de Comité vun der Féduse/Enseignement-CGFP, dass d'Modalitéiten zur praktescher Ëmsetzung vun der Reform vum Cycle inférieur am ESG iwwerduecht an alle Bedeelegten am Detail erkläert ginn. Doriwwer eraus fuerdere mir, dass d'**Enseignanten bei der Ausaarbechtung vu kommende Reformen agebonnen** an duerch entspreichend Formatiounen am Virus op nei Aufgabe virbereet ginn an net eréischt, nodeems eng Reform a Kraaft getrueden ass.

Karriär vum (Candidat)-professeur an Karriären am Enseignement am allgemengen

Wéi Dir schonn an eisem Communiqué vum 4. Juli liese konnt, ass de Verlaf vun deenen eenzelne Karriären am Enseignement a Relatioun zur jeeweileger Studien- a Stagezäit scho säit Joren aus dem Gläichgewicht geroden. Nodeems kuerz virun der Summerpaus d'Gesetz zur staarker Opwärtung vun der Karriär vum Chargé d'enseignement a Kraaft getrueden ass, huet sech déi grotesk Situatioun erginn, dass dës reklasséiert Employéë quasi déiselwecht Pai kréien, wéi de Candidat-professeur E7, deen am Géigesaz zum Chargé d'enseignement den Examen-concours de recrutement huet misste packen an eng laangjäreg intensiv pädagogesch Ausbildung mat uschléissender Période probatoire huet missten duerchlafen an erfollegräich ofschléissen. Well de **Reklassement vum Chargé d'enseignement** awer an den Ae vum Comité vun der Féduse/Enseignement-CGFP **total berechtigt** ass, muss den Hiewel bei enger **Regulariséierung vun der Karriär vum Candidat-professeur** ugesat ginn.

Dësen nei geschaaft Mëssstand ass awer bei wäitem net den eenzegen innerhalb vun deene verschiddene Karriären am Enseignement. Weider Detailer zu dësem Dossier kënt Dir an eisem Communiqué vum 4. Juli mam Titel "*Minister Kersch: E Spill op Zäit amplaz eng Sich no Léisungen*", ze fannen op eisem Site www.feduse.lu, noliesen. D'Revalorisatioun vun der Karriär vum (Candidat)-professeur ass eng vun den ieweschten **Prioritéite** vun der Féduse/Enseignement-CGFP fir déi nächst Legislaturperiod.

Accord salarial vum 15. Juni 2018

Am Accord salarial tëscht der nach aktueller Regierung an der CGFP gouf festgehalten, dass d'**80/80/90 - Reegel** ab dem 1. Januar 2019 soll komplett ofgeschaaft ginn. Dëst gëllt souwuel fir déi Agenten, déi zu deem Moment schonn am Stage sinn, wéi och fir déi Employéen a Fonctionnaires, déi nom 1. Januar 2019 hire Stage ufänken. De Comité vun der Féduse/Enseignement-CGFP begréisst dës längst iwwerfällige Schrëtt, well d'80/80/90 - Reegel eise jonke Kollegen de scho schwierigen Astig an hiert aktiivt Liewen nach zousätzlech erschwéiert huet. Déi Stagiairen, déi an deene leschte Jore vun der 80/80/90 - Reegel betraff waren, kréien zwar déi "verluere" Suen net zrëck, wuel awer gi fir dës Agenten d'Pensiounsrechter nokaaft, sou dass si an hirer Pensioun net nach eng Kéier ze spiere kréien, dass si deemools vun dëser temporärer Reduktioun vun de Stageindemnitéite betraff waren.

Weiderhi gouf an dësem Accord salarial festgehalten, dass d'**Dauer vum Stage** am Prinzip **vun 3 op 2 Joer** erfesat wäert ginn. Wat dëst am Detail fir déi aktuell an zukünfteg Stagiairen am Enseignement secondaire bedeiht wäert, bleift nach mam Educationnsministère an der IFEN-Directioun ze klären. Et sief bemierkt, dass dësen Accord salarial nach vun **der neier Chamber an nächster Regierung** muss **unerkannt** ginn, éier déi eenzel Moosname kënnen ëmgesat ginn.

Ab dem 1. Januar 2019 wäert dann och d'**Iessenszoulag** nach eng Kéier ëm **60 Euro** op 204 Euro pro Mount klammen, nodeems de Montant eréischt kierzlech vun 110 op 144 Euro ugepasst gouf.

Bilan vun dëser Legislaturperiod

Déi aktuell Legislaturperiod, déi jo a ronn engem Mount op een Enn geet, hat fir eis Enseignanten am Secondaire denkbar schlecht ugefaangen. Nodeems am Ufank vill wäertvoll Zäit duerch eng laang Aschaffungsperiod vu villen neien Usprichpartner am Ministère verluer gaangen ass, huet d'Intersyndicale aus FEDUSE, APESS an SEW sech iwwert ee Joer misste géint déi vum Minister Meisch beabsichtigt **massiv Aschneidungen an eis Aarbechskonditounen** wieren. Et sief drun erënnert, dass de politesche Wëlle bestanen huet, fir ënnert anerem d'Altersdechargen zumindest deelweis ofzeschaffen oder ee flächendeckenden *Coefficient réducteur* op den Ofschlussklassen anzeféieren. Der Intersyndicale ass et no engem schwierere Litige schliisslech gelongen, de Schued a Grenzen ze halen. D'Altersdecharge bloufen onberéiert an de *Coefficient réducteur* gëtt am Prinzip nëmme fir déi Fächer applizéiert, déi net am Exame gepréift ginn. Donieft goufen et geréngfügeg Verschlechterunge bei der Bezuelung vun den Aarbechten am Kader vun den Examenskommissiounen. Ënnert dem Stréch bleift zrëckzebehalen, dass mir Enseignanten am Secondaire quasi déi eenzeg Agenten innerhalb vun der Fonction publique sinn, déi een **zousätzleche Bäitrag zum ominöse Spuerpak** hu misste leeschten.

Duerno huet de Minister Meisch eng Panoplie un deelweis déifgräifende Reformen an d'Weeër geleet. Och wann de Comité d'Noutwendegkeet vun eenzele Reformen agesäit an dës och zum Deel begréisst, sou goufe mir **zu kengem Zäitpunkt** aktiv a Reformprozesser **agebonnen**. Dem Educationnsminister war also d'Meenung vun den Experte vum Terrain, also vun Iech, léif Kolleginnen a Kollegen, scheinbar egal. Esou e **schwaache Sozialdialog** gouf et an der Vergaangenheet jiddefalls nach ni tëscht engem Educationnsminister an der Féduse/Enseignement-CGFP.

De Minister vun der Fonction publique, Dan Kersch, zoustänneg fir eis Karriären, huet der jorelaanger Diskriminéierung vun de Chargéë par rapport zu den Employéén aus der Administratioun mat gläichem Bildungsabschluss een Enn gesat, andeems hien e Reklassement vun de Chargés d'enseignement an d'Weeër geleet huet. De Comité vun der Féduse/Enseignement-CGFP begréisst am Prinzip dës längst iwwerfällige Schrëtt.

Wéi mir allerdéngs de Minister Kersch op déi doraus resultéierend nei geschaaft massiv Ongerechtegkeeten tëscht deenen eenzele Karriären am Enseignement higewisen hunn, besonnesch op d'Benodeelegung vum Candidat-professeur, si mir op daf Ouere gestouss. Den Dialog gouf eis trotz der Urgence vun deene beschriwwene Mësstänn refuséiert, sou dass de Minister Kersch scheinbar domat averstanen ass, dass de **Candidat-professeur säi gesamte Parcours fir näischt gemaach huet** (*Detailer nozeliesen an eisem Communiqué vum 4. Juli 2018*). Domat hëlt de Minister Kersch a Kaf, dass de soziale Fridden am Enseignement secondaire ëmmer méi a Schiflag geréit.

iPad - Klassen

Ab dësem Schouljoer sollen d'Titulairë vun iPad-Klassen am Prinzip een iPad fir de Besoin vum Cours gratis zur Verfügung gestallt kréien. De Comité vun der Féduse/Enseignement-CGFP fuerdert doriwwer eraus, dass all Enseignant de **Kaf vun engem Tablet** soll kënne steierlech integral ofsetzen.

Gratis Schoulmaterial

Säit dëser Rentrée kréie jo och d'Schüler aus dem Enseignement secondaire hir Schoulbicher gratis zur Verfügung gestallt, sou wéi dat scho säit Éiwegkeete souwuel fir d'Schüler wéi och fir d'Léierpersonal am Enseignement fondamental de Fall ass. Eenzeg an eleng d'Enseignanten aus dem Secondaire, also Dir, léif Kolleginnen a Kollegen, musst Äert Schoulmaterial aktuell nach selwer bezuelen. De Comité vun der Féduse/Enseignement-CGFP fuerdert, dass dëser **Diskriminatioun** een Enn gesat gëtt, andeems och mir Enseignanten am Secondaire eis Schoulmaterial gratis zur Verfügung gestallt kréien!

Luxdidac

Da wëlle mir och nach d'**LuxDidac**-Expo erënneren, eng gemeinsam Foire mam SNE-CGFP, am Forum Geesseknäppchen (**25.-27.9.**), mat villsäitegen Unterrechtmaterialien, souwuel digital ewéi standardiséiert op Pabeier.

Präsenz op Facebook

Zu gudder lescht wëlle mir Iech drop opmierksam maachen, dass d'Féduse säit kuerzem hiren eegene **Facebook-Site**² huet. Dir sidd häerzlechst invitéiert, dësen ze „**liken**“ an eis Posts ze kommentéieren.

Mat beschte Gréiss,

de Comité vun der Féduse/Enseignement-CGFP

² Op Facebook einfach „Féduse/Enseignement-CGFP“ aginn.